



Manner Plastik

Wat ass Plastik, säit wéini gëtt et dëst Material a wisou kann et problematesch sinn?
Lies weider a fann et raus...

Bestanddeeler Plastik

Plastik besteet haauptsächlech aus Äerdgas an -ueleg. Dës Rostoffer gi mat Hëtzt, Drock a chemesche Verfahren zu dem Endproduit, dem Plastik, verschafft. Eng ganz Panoplie un Zousatzstoffe gëtt dem Plastik seng verschidde variabel Eegenschaften: Mëll oder haart, ontransparent oder duerchsichteg, fest oder flexibel.

Geschicht vum Plastik

Den éischte Plastik gouf 1862 op der Weltausstellung zu London presentéiert. Et sollten awer nach 100 Joer vergoen, bis dass dëst Material am grouse Style produzéiert sollt ginn. Säit de 60er Joren huet de Plastik een exponentiellen Opschwung erlieft an ass haut an alle Formen an an alle Liewensberäicher vertrueden: vu Wunnen, Transport, Textilien, Alimentatioun bis hin zur Industrie a Medezin.

Plastik als Masseproduit

Duerch seng attraktiv Eegenschaften (licht, haltbar, resistent, deenbar, bestänneg géint Korrosioun a faulen) a säi gënschtege Präis, konnt de Plastik aner Materialer ersetzen an huet vill Fortschrëtter an diverse Branchen erméiglecht. Och an Zukunft wäert dëst Material villfälteg nei Méiglechkeeten opweisen. Plastik sollt deemno net per se als „schlecht“ ofgestempelt ginn.

E vill ze kuerzt Liewe fir Plastikproduiten

De Masekonsum vun (virun allem) kuerz genotzem Plastik während de leschte 70 Joren huet awer een onkontrolléierbaart Ausmooss ugeholl. Fir d'Industrie war de Plastik als Verpackung eng Méiglechkeet fir d'Liwwerketten ze vereinfachen a méi wäit geleeë Marchéen ze errechen. 1978 beispillsweis huet Coca-Cola d'Glasfläch duerch d'PET-Fläsch ausgetosch an domadder de Startschoss an déi nei Ära vun enger Ewechgeheigesellschaft markéiert. No aktueller Schätzung si ca. 40% vun de Plastikprodukte schonn no manner ewéi engem Mount nees Offall. An domadder wäert mir beim éischte Problem vum Plastik: Den Offall!

Plastik, keen einfachen Offall

Just 30% vum Plastikoffall an Europa gi recycléiert. 39% gi verbrannt an 31% landen op der Deponie (a waart op eng Zersetzung, déi Joerhonnerten dauere kann). Weltwäit gekuckt goufe just 9% vun den ca. 8 Milliarden Tonne Plastik, déi säit 1950 produzéiert goufen, recycléiert. De Plastik ze verbrennen ass och keng gutt Léisung. Hei bleift en Koup Reschter iwwereg (Réckstänn aus de Filter, Äschen, etc.) déi op enger Deponie endgelagert musse ginn. Jee no Aart vun der Verbrennung entstinn esou eng Rei Gëftstoffe, déi an der Ëmwelt kaum ofgebaut kënnen ginn.

Den Export vum Plastikoffall gëtt ëmmer méi schwéier

Bis viru kuerzem war China d'Plastiksdreckskeeschter vun der Welt. Mee säit 2018 huet China d'Importreegele vu Plastikoffall méi streng formuléiert, esou dass dëst oninteressant fir déi grouss Exporteuren (USA, Japan, Däitschland, Belsch) gouf. Dono goufe Malaysien an aner südasiesch Länner ugesteiert. A kuerzer Zäit ass hei e groussen, illegale Plastikoffallmarché entstanen, dee grouss Ëmweltproblemer mat sech bruecht huet. Mee och dës Länner wieren sech esou lues géint eng Vermüllung vun hirem Terrain. Esou bleift de Produktiounslänner näischt aneschtens iwwereg wéi hire problemateschen Offall sëlwer ze entsuergen, oder eben ze evitéieren.

De Plastik ass net biologesch ofbaubar

Land de Plastiksoffall an der Natur, ginn eis seng interessant Atouten (Laangliewegkeet, Resistenz, Liichtegkeet) hei zum Verhängnes. De Plastiksoffall ass net oder ganz schwéier biodegradabel a kann domadder net an der Natur zu engem natierlech Stoff ëmgewandelt ginn. Duetch d'Witterung zersetzt en sech leedeglech zu mini klenge Deeler, dem sougenannte Mikroplastik.

De Problem vum Mikro-an Nanoplastik

Wann ee vu Plastikverschmutzung schwätzt, dann huet een direkt e Bild vu Plastikfläschen, -tuten, -besteck etc., wat iergendwou um Strand oder um Feldwee läit, virun Aen. Dëst ass effektiv och immens onästhetesch, et ass awer (nach) net de gréisste Problem vum Plastiksoffall. Et ass de sougenannte Mikro- a Nanoplastik, deen ee quasi net gesäit, dee fir vill Besuergnis suergt. Dëst si Plastiksstécker, déi méi kleng ewéi 5 Millimeter sinn. D'Forschung zu de méigleche Risike vun dem Mikro- an Nanoplastik stécht nach an de Kannerschong, well bis ewell dës deelweis winzeg kleng Partikel net emol vun deene meeschte Miessgeräter erkannt ginn. Deemno muss ee schlussfolgeren, dass déi tatsächlech Konzentratioun vu Mikro- a Nanoplastik an der Ëmwelt méiglecherweis méi héich ass, wéi bis ewell bekannt. Grondsätzlech gëllt och, dass wat de Plastik méi kleng ass, wat en sech besser fortbeweege bzw. an Organismen andréngt kann an deemno och méi geféierlech gëtt. Mikro- an Nanoplastik entsteet duerch zersetzte vu grouse Plastiksstécker (sekundäre Mikropalstik) oder gëtt esou produzéiert (primäre Mikroplastik). Tëschent 69% an 81% vum Plastiksoffall an de Mierer ass sekundäre Mikropalstik. Mikro- an Nanoplastik gouf bis ewell a quasi allen Liewensraim (Waasser, Loft, Buedem) an a villen Organismen (Déieren a Planzen) nogewisen. D'Belaaschtung vu Biedem a Bannegewässer ka souguer, jee no Ëmgegëgend, 4- bis 23- mol méi héich sinn, wéi d'Belaaschtung am Mier.

Reglementatioun fir Ewee-Plastik ze vermeiden

Am Mäerz 2019 huet d'europäescht Parlament fir ee Verbuet vun eenzelen Ewee-Plastiksartikel ab 2021 an der EU gestëmmt. Ausserdeem mussen d'Memberstaaten bis 2029 90% vun de Plastikfläsche getrennt sammeln. Déi nei EU-Plastikstrategie aus dem Joer 2018 fuerdert ausserdeem, dass all Plastikverpackungen op dem EU-Marché bis 2030 recyclingfäeg musse sinn an den onnéidege Gebrauch vu Mikroplastik soll verhënnert ginn.

Och d'Produktioun vum Plastik ass problematesch

Mee net nëmmen de Plastiksoffall ass e Problem: Schon d'Produktiounsphase vum Plastik ass problematesch. De Rostoff (Äerdgas an -ueleg) an d'Zousazstoffer (Weichmacher, Flammeschutzmittel, Faarfstoffer....) si Substanzen, déi d'Ëmwelt an de Mënsch staark belaaschte kënnen. Virun allem Zousazstoffer sinn net fest am Plastik gebonnen a léisen sech mat der Zäit, spëtstens beim Recycling, aus dem Plastik eraus. Dofir bleift Plastik ee Material, wat zwar vill Méiglechkeete bitt, trotzdeem awer kritesch hannerfrot sollt ginn a wa méiglech duerch méi nohaltege Produkte sollt ersat ginn.

Ech ginn aktiv

Elo ass et un dir: Wéi kanns du däi Gebrauch vu Plastik miniméieren an optiméieren, fir d'Ëmwelt an deng Gesondheet ze schützen? Ee kleng Schrëtt nom anere féiert zum Zil.

Quellen:

Eurpäische Kommission – Wissenschaftliche Stellungnahme Nr 06/2019 - Risiken für Umwelt und Gesundheit - Umweltverschmutzung durch Mikroplastik

<file:///C:/Users/EBL/Downloads/KI0219256DEN.de.pdf>

Heinrich Böll Stiftung und Bund, Plastikatlas 2019

https://www.bund.net/fileadmin/user_upload_bund/publikationen/chemie/chemie_plastikatlas_2019.pdf

European Commission, Microplastik – Focus on Food and Health, Factsheet December 2017

https://publications.jrc.ec.europa.eu/repository/bitstream/JRC110629/jrc110629_final.pdf

E KLENGE SCHRËTT FIR MECH, e grouse Schrëtt fir d'Ëmwelt

www.klengschrett.lu



Emweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.

